N°170
Entrée le 15.01.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 16.01.2024
Chambre des Députés

LSAP

Monsieur Claude Wiseler
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 15. Januar 2024

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Inneminister weiderzeleeden.

Um Radio 100,7 huet de Minister Léon Gloden den 13. Dezember 2023 op d'Froe vun der Journalistin Carole Schimmer am Kontext vum Heescheverbuet a vun de Leit déi heesche ginn, geäntwert, dass et Preuvë ginn, déi beleeën, dass déck däitsch Limousinne mat belsche Placke Leit erausloosse fir heeschen ze goen.

Ech hunn dofir follgend Froen un den Här Innenminister:

- Wéi eng Preuven huet den Här Inneminister fir kënnen ze behaapten, dass Leit mat däitsche Limousinne mat belsche Placken op Lëtzebuerg bruecht ginn, fir hei ze heeschen?
- Ween huet déi Preuvë constatéiert?
- Wann et Preuvë ginn, wat sinn d'Aktiounen déi doropshin erfollegt sinn? Gouf et dowéinst juristesch Poursuitten ?
- Wa net, firwat gouf et keng juristesch Poursuitten? An dësem Kontext gouf et jo scho juristesch Dispositiounen (Art. 342 am Code pénal an den Artikel 41 am Stater Policereglement) fir géint dës Form vun Heescherei (mendicité „aggravée, instrusive ou agressive") virzegoen an dat laang virun der Decisioun vum Stater Schäfferot och nach all aner Forme vun Heeschen zu verschiddenen Auerzäiten op verschiddenen Plazen an der Stad ze verbidden.

Mat déiwem Respekt,

Georges Engel
Deputéierten

N°170
Entrée le 23.02.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, a vun der Madame Justizministesch, Elisabeth Margue, op d'parlamentaresch Fro n° 170 vum honorabelen Députéierten Georges Engel zum Sujet „Mendicité organisée"**

**Froen 1 an 2**

Den Inneminister huet Kenntnis dovun, dass an der Gemeng Lëtzebuerg eng ganz Rei vu Reklamatioune vu Bierger, vu Geschäftsleit a vu Passante virleien, déi sech iwwert eng aggressiv Mendicitéit beschwéiren.

**Froen 3 a 4**

Am Moment hunn d'Justizautoritéiten keng Kenntnis iwwer Deklaratiounen, Denonciatiounen, oder Policeberichter, déi präzis a konkret Fakten iwwert d'Transportmëttel vun den Heescherte beinhalten, an déi et erlaabt hätten, eng virleefeg Enquête oder eng Information judiciaire op Basis vun den Artikelen 342 a weider, oder 382-1 an 382-3 vum Code pénal opzemaachen.

Eng substanziell Enquête gouf vun der Police judiciaire an de Joren 2020, 2021 an 2022 gefouert fir Fäll vun Heescherei am Grupp, falschen Dokumenter, Déifstall, Bedrohungen a Bedruch, déi duerch Mannerjäreger begaange goufen.

Dës Enquête huet awer d'Limite vun den Enquête-Méiglechkeeten an dësem Ëmfeld gewisen, well se et net erlaabt huet, d'Hannermänner ze identifizéieren, trotz den séllegen Demarchen, déi ënnerholl goufen, an enger Ufro fir eng europäesch Enquête opzemaachen, déi un déi auslännesch Justizautoritéite geriicht gouf.

Lëtzebuerg, den 23. Februar 2024
Den Inneminister
(s.) Léon Gloden